



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7693 vum 2. Mäerz 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen

Déi gestallte Froe betreffen d'Verpachtung vu landwirtschaftleche Fläche vum Fonds du Rail (FdR), déi dem Staat vum Groussherzogtum Lëtzebuerg gehéieren, an dee vertruede gëtt duerch de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten. Laut Artikel 1 vum ëmgeännerte Pachtgesetz vum 18. Juni 1982 falen ënnert anerem ländlech Gidder, déi dem Staat gehéieren, net ënnert d'Pachtgesetz, och wa se fir d'Ausübung vun enger landwirtschaftlecher Tätegkeet un e Bauer asw. verlount ginn.

Gemäß dem Gesetz vum 6. Juni 2019 an dem „Contrat de gestion de l'infrastructure ferroviaire“, deen de 7. Mee 2009 tëscht dem Staat an dem Gestionnaire vum Eisebunnsreseau ënnerschriwwen an duerch de Règlement Grand-Ducal vum 6. November 2009 approvéiert gouf, esou wéi gemäß der „Convention relative à la gestion des immeubles dépendant de l'infrastructure ferroviaire“, déi tëscht dem Staat an der SNCF den 8. Oktober 2019 ënnerschriwwen an duerch de Règlement Grand-Ducal vum 16. Mäerz 2020 approvéiert gouf, gëtt de Staat vun der SNCF als Gestionnaire de l'infrastructure ferroviaire assistéiert.

D'SNCF hirsäits hunn der Societéit CFL-Immo S.A., gemäß dem Artikel 3 aus der virdrun erwäanter „Convention relative à la gestion des immeubles dépendant de l'infrastructure ferroviaire“, eng allgemeng Vollmacht ausgestallt betreffend all Handlungen am Zesammenhang mam Ofschluss vun engem Vertrag.

Wëll de Bailleur de Lëtzebuenger Staat ass a net d'Societéit CFL-Immo S.A., fënnt dat landwirtschaftlecht Pachtgesetz keng Uwendung op d'„Autorisations domaniales“, déi fir dës Terrainen ausgestallt ginn.

Aus dem Artikel 10 vun de Kontrakter (Autorisations domaniales) geet ervir, datt déi betreffend Parzellen tatsächlech verséichert mussen ginn, an dëst mat deem kloren Ziel d'Bauern ze schützen: d'Schied, déi duerch een einfachen Heckebrand oder duerch Ëmweltverschmutzung a Proximitéit vun der Eisebunnsinfrastruktur kéinten entstoën, kënnen héich sinn.

Déi betreffend Versécherung gëllt fir all Flächen. Dës Fläche sinn an der Praxis relativ kleng, well se direkt laanscht d'Eisebunnschinn verlafen.

Et ass net méiglech, dës Risike vun der landwirtschaftlecher Betriibsversécherung ofdecken ze loosse, wëll dës Versécherung op déi landwirtschaftlech Aktivitéit ausgeriicht ass, déi de Bauer op senge privaten Terrainen oder op deenen Terrainen, fir déi hien e Pachtvertrag ofgeschloss huet, ausüübt, am Géigesaz zu den Terrainen, déi vun der Eisebunnsinfrastruktur ofhänken, déi zum ëffentlechen Eegentum vum Staat gehéieren. Dat heescht, de Staat ass Proprietär vun dësen Flächen, déi néideg si fir d'Erbréngung vum Service public iwwert de Persounentransport iwwert d'Schinn. Dës Critère berouen op enger stänneger Jurisprudenz (première application relevée, voir l'arrêt du 20 décembre 2012 de la Cour supérieure de justice, publié à la Pasicrisie, tome 9, pages 70 et suivantes).

Beim Ofschluss vum Vertrag muss de Bauer, zousätzlech zum Pachtzëns, eng eemoleg Indemnitéit fir d'„frais d'instruction du dossier et de rédaction de l'autorisation domaniale“ bezuelen. Dës Indemnitéit fënnt hiren Ursprong an enger Proposition vum der „Commission de l'infrastructure ferroviaire“ an hirem Avis vum 9. Abrëll 2003. De leschten Avis zu dësem Sujet ass datéiert op den 11. Abrëll 2006 a gëtt nach ëmmer esou applizéiert.

Déi besoten Indemnitéit gëtt zum engen iwwert den Typ vum Immobilie (Gaart, Akerland, Plaz, Wunneng, Schapp) an zum aneren u senger Fläch definéiert.

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch